ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 4. Mee 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister an un den Här Sozialminister weiderzeleeden.

Aus der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 3796 geet ervir, datt vun deene jonke Leit ënner 30 Joer ronn 15 Prozent säit méi wéi engem Joer op der Sich no enger neier Aarbecht sinn. Bei deene Leit iwwer 30 Joer läit dësen Taux souguer bei iwwer 40 Prozent. Des Weidere geet doraus ervir, datt vun deene jonke Leit ouni Aarbecht (< 30 Joer) knapp iwwert e Véirel, nämlech 26 Prozent een Universitéitsdiplom hunn.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung nach gär des Froe stellen:

1) Wéi deelen sech d'Diplomer vun deene betraffene jonke Leit zwëschent 25 an 29 Joer no BTS, Bachelor a Master op?
2) Wéi deelen sech d'Diplomer um akademeschen Niveau no Bachelor of Arts an Bachelor of Science op? Wéi presentéiert sech des Opdeelung fir de Master?
3) Wéivill vun deene jonken Universitairen ouni Aarbecht verfügen nach iwwert eng aner Beruffsqualifikatioun, wéi zum Beispill eng Léier?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten